

muer de Mëtteg eng Sitzung hunn, wa mer dat gewosst hätten.

Ech géif mech och ganz besonnesch beim Minister entschëllegen, dass mer dat doten net virausgesinn hunn an en haut de Mëtteg komme gelooss hunn. Mä ech fannen dat awer eng verstänneg Proposition vum Här Zanussi an ech géif dann och proposéiere mam Accord vum Minister, dass mer dann och an enger vun deenen éischte Sitzunge vun der neier Sessioun am Oktober déi Interpellatioun hei virhuelen.

Ech wollt lech awer nach drop hiweisen, Här President, datt ech mengen, dass vu gëschter nach e Projet de loi ofzestëmmen ass an dass et vläicht net schlecht wär, wa mer dat elo géingen direkt maachen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Minister Henri Grethen kritt nach d'Wuert.

M. Henri Grethen, Ministre des Transports.- Här President, ech huelen déi Décisioun vun der Chamber zur Kenntnis. Ech muss der Chamber awer lo scho soen, dass ech an der 42. an an der 43. Woch vun dësem Joer keng Zäit hunn. Dat heescht also, dass ech elo schonn drëm bieden, dann en aneren Datum virzegesinn. Dat huet awer domadder ze dinn, dass déi Zäit Conseils européens sinn, net dass ee mengt, dass et schlechte Wëllen ass, dass ech eng Visite vun enger Entreprise virgesinn hu mam Grand-Duc an dass ech muss aus privaten Ursaachen a Groussbritannien fueren an dono op de Marché intérieur an Dänemark.

M. le Président.- Här Minister, mir huelen et dann eng Woch méi spéit.

(Hilarité)

M. Henri Grethen, Ministre des Transports.- Här President, ech fäerten, dass d'Chamber dat net mécht.

M. le Président.- Also, ech mengen, hei ass eng konkret Proposition gemaach ginn. Ass d'Chamber d'accord, dass mer déi Interpellatioun vertagen bis den Oktober?

(Assentiment)

Et ass also sou décidéiert.

Da fuere mer weider. Mir kënnen vläicht direkt iwwert de Projet 4834 ofstëmmen.

Mir müssen d'Lecture vun den Artikelen nach maachen a kënnen uschlëssend de Vote virhuelen.

3. Projet de loi 4834

- **autorisant le Gouvernement à faire procéder à une quatrième extension du Palais de la Cour de Justice des Communautés européennes à Luxembourg-Kirchberg;**
- **portant modification de l'article 3 de la loi modifiée du 13 avril 1970 fixant les conditions suivant lesquelles le Gouvernement peut soit acquérir certains immeubles présentant un intérêt public, soit garantir le rendement et les charges locatifs de tels immeubles (Suite)**

Mir kommen dann zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4834, dee gëschter ofgeschloss, awer nach net ofgestëmmt ginn ass, a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4834.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi 4834 ass mat 53 Jo-Stëmmen a siwen Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Nicolas Strotz), Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Georges Wohlfart), MM. Ben

Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Colombero), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gibéryen);

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4893 iwwert d'Chargés de cours. D'Riedezeit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Zanussi, Bettel, Henckes, Garcia a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, d'honorabel Mme Agny Durdu.

4. Projet de loi 4893 portant

1. **fixation des modalités d'une formation offerte aux chargés de cours de l'éducation préscolaire ou de l'enseignement primaire;**
2. **création et organisation d'une réserve de suppléants pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire;**
3. **ajout d'un alinéa 2 à l'article 4 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;**
4. **modification des articles 30 et 41 de la loi du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;**
5. **abrogation de l'article 16 de la loi modifiée du 5 juillet 1991 portant:**
 - a) **fixation des modalités d'une formation préparant transitoirement à la fonction d'instituteur;**

b) **fixation des modalités d'une formation préparant transitoirement au certificat de qualification de chargé de direction;**

c) **création d'un pool de remplaçants pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire;**

d) **dérogation à la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail**

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

Mme Agny Durdu (DP), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den educative Moie gëtt och nach en educativen Nomëtteg. Ech géif lech da bieden, mir nach eng Kéier Är Opmierksamkeet ze ginn, wann ech lech d'Explicatiounen zu dësem Projet de loi vir-droen.

Bei dësem Projet de loi geet et drëm, fir d'Situatioun vun de Chargés de cours ze regulariséieren. D'Situation de départ, déi mer virfannen an der Education nationale, ass déi, dass mer natierlech prioritär all wëllen op brevetéiert Personal zrëckgräifen, mä datt mer leider Gottes an deene leschte Jore sou eng Pénurie u brevetéiertem Personal haten, datt allgemeng am Land - oder ech géif soen, wierklech bal allgemeng - op Chargé-de-coursen huet missen zrëckgegraff ginn. Et ass elo dëse Chargé-de-coursen ze verdanken, dass eist Educationssystem bis haut nach net e Kollaps erlidden huet.

Wéi gesinn d'Zuelen aus? Wann een 1995 an 1996 kuckt, da kann ee feststellen, datt mer 2.395 Enseignants brevetés haten, an am Joer 2001 hu mer der elo 2.934. Trotz all deenen Efforten, déi mer gemaach hunn, trotz all deenen Efforte brevetéiert Personal ze rekrutéieren, musse mer awer haut feststellen, dass mer nach ëmmer net genuch brevetéiert Personal hunn. Fir lech eng Iddi ze ginn: Fir d'Rentrée 2002/2003 hu sech 200 Kandidaten zu den Examen gemellt; all wäerte se wahrscheinlech dësen Examen net packen. Mä nach ass et esou, dass esouguer dës 200 Kandidaten oder déi Zuel, déi eben erreecht gëtt, et net wäerte méiglech maachen, fir der Pénurie entgéintzekommen. Et muss een nämlech feststellen a sech virun Aen halen, datt och dës Joer ongeféier ëm 70 Persounen wäerten an d'Pensioun goen, plus oder minus 50 nei Poste wäerten dës Joer geschafe ginn; dat ass par rapport zu der Experienz, déi een an deene leschte Jore konnt gesinn. Do sinn och nach eng ganz Rei nei Situatiounen, mat deenen d'Gemengen ebe konfron-